Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Grupp Mère Thérèse Housen-Houschent | Cédric MALEK | 1, an der Triecht L-9837 Neidhausen | Tél: / GSM: 691 826 226 | info@lgs-houhou.lu

Näidsen, den 05. Mee 2019

100 Joer Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Den 18. Mee 2019 feiert de Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten (LGS) hiren 100ten Gebuertsdag. D'100 Joer Feier leeft op dräi Plazen am Land of: zu Miersch am Park, an der Staat op der Kinnekswiss an zu Esch-Belval ënnert den Héichiewen. **Sief och du mat op dësem eemolegen Event dobäi!**

D'100 Joer Feier geet iwwert dee ganzen Dag (10:00-18:00 Auer). Natierlech gëtt et och ee Gebuertsdagskuch. De Kuch gëtt op deenen dräi Plaze jeeweils zäitversat ugeschnidden:

- zu Miersch um 11:00
- an der Stad um 13:30
- zu Esch-Belval um 15:30

Als Grupp konzentréiere mer eis op d'Event zu Miersch am Parc
an organiséieren heifir eng grouss **Gruppe-Sortie**:

Datum:	18. Mee 2019
Auerzäit:	15:00 – 18:00 Auer
Wien?	D'Feier ass op fir jiddwereen. Dat heescht all d'Branchen, eis Frënn vun den LGS, d'Elteren, d'Grousselteren, d'Tata'en a Monni'en, Kollegen a Frënn, ... ;-)
Treffpunkt:	zu Miersch op der Gare
Oflaf:	um 15:00 Auer gi mer zesumme vun der Gare an de Mierscher Park. Do si vill Stänn mat typesche Guiden- a Scoutsaktivitéiten a Spiller organiséiert. Natierlech gëtt et och lecker Saache fir z'iessen an ze drénken. Um 18:00 Auer maache mer eis nees zréck op d'Gare. D'Eltere sinn häerzlechst invitéiert fir mat ze goen an dee grousse Gebuertsdag mat ze feieren.
Mathuelen	Foulard, evtl. Uniform, bëssi Täschegeld, Kleeder déi dem Wierder entspriechen

☞ Umeldung bei denge Chef bis de 16. Mee 2019

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,

Deng Chefekipp

www.lgs-houhou.lu